# Den Theater als gesellschaftleche Phänomen a pädagogescht Instrument

D'Wanterméint sinn iwwer Land Theaterméint. Vill Veräiner féieren nei an al Stécker op an ameséieren e breede Public. Theater spillen ass hei zu Lëtzebuerg Kult. Nieft der professioneller Zeen gëtt et eng Hellewull vu lokalen Amateuren, déi sech beméien sprëtzeg Stécker op d'Bühn ze zauberen. Vun der Musel iwwer de Minette bis rop an d'Éislek gëtt flächendeckend Theater gespillt. De Réidener Kanton ass am Norde besonnesch äifreg. Och an der Nordspëtzt grad wéi am Sauerdall fanne sech Jonk an Al zesummen fir Theaterstécker, Sketcher a Revüen ze spillen.

An der Moud sinn och déi grouss Fräiliichtspektakelen. Ech denken do virun allem u Grousbus, Buerschent, Kielen oder un Déifferdeng, déi d'lescht Jor en aalt Stéck gespillt hunn, „De wëlle Grof", eng Geschicht, déi an de 50er Joren am Kischpelt uropgefouert gouf. 2009 ass och nees en historesche Fräiliichtspektakel virum Ierpeldenger Schlass, matzen am Dikricher Kanton.

Wann Amateuren Theater spillen, da wëlle si d'Leit aus hirer Géigend fir e puer Stonnen aus dem Alldag eraushuelen a si an eng aner Welt féieren an ënner Ëmstänn mat hirer eegener Geschicht konfrontéieren. Am Géigesaz zur Telé féiert den Theater d'Leit zesummen. De sozialen Impakt ass guer net z'ënnerschätzen. Dat gëllt och a grad fir déi, déi matspillen.

Wéi mir 2005 am Ierpeldenger Schlasspark ee grousse Fräiliichtspektakel opgefouert hunn, louchen sech d'Akteuren, jonker an eelerer, méi wéi eng Kéier an den Äerm. Et war sécherlech eng äusserst ustrengend Entreprise. Fir datt et e Succès konnt ginn, hunn d'Leit missen zesummenhalen. Momenter vu Freed a Begeeschterung hu sech ofgewiesselt mat Phase vun Ustrengung an haarder Aarbecht. Iwwer allem stoung awer d'Solidaritéit. Bei sou groussen Eventer ass een op deen aneren ugewisen. A wann herno alles klappt, dann ass dat fir d'Akteuren en immenst Gefill vun Zefriddenheet.

Dat selwecht erliewen déi Jonk am Jugend- oder Schülertheater. Ech denken do un den Dikricher Kolléisch, deen zanter Joren Inszenéierunge vun usprochsvolle Stécker opféiert. De Schüler erlieft d'Literatur an enger aktiver Dimensioun. Vill Hänn sinn néideg fir datt et ee Ganzt gëtt. Vum Plakat, Backstage, iwwer d'Bühnebild bis hin zur Kommunikatioun, alles wëll programméiert ginn. Dobäi léiere grad déi Jonk, wéi een zesummestoe muss fir datt en Ambiente entsteet, deen op de Public iwwerspréngt.

Grad an eise Schoulen ass d'Theaterspillen eng pertinent Geleeënheet fir Jonker op dat gesellschaftlecht Liewe virzebereeden. Si spillen net nëmmen eng Roll, mä droen och Verantwortung fir dat Ganzt, musse sech disziplinéieren, däitlech schwätzen, sech konzentréiere léieren, Gefiller weisen. Den Theater hëlleft sou, sozial Reflexer bei deene Jonken z'entwéckelen. Do ass weder Plaz fir Egoismus nach fir Indifferenz. Dat ass och den Ënnerscheed zur Weltbühn, déi eis allze dacks e schlechten Theater bitt, Dramen an Tragedien, déi net an zwou Stonnen eriwwer sinn an Episoden iwwer déi kee laache kann.

› André Bauler